
Säit dësem Joer huet den Institut National de Formation des Secours (INFS) vum Corps Grand-Ducal Incendie & Secours (CGDIS) hiren neie Voucher-System lancéiert. Mat deem neie System wëll den INFS eng méi Fair Verdeelung vun de Voucheren, ewéi och d'Reduzéierung vun ofgesote Formatiounen erreechen. Wei schonn am Ufank vum Joer ugekënnegt, sinn all Voucher agezu ginn, déi nach net ageléist waren. Mam neie Voucher-System kënnen d'Memberen iwwert d'Ausbildungsinteresse ee Voucher ufroen.

Domat ass et méiglech, wärend dem Joer eng Ufro fir eng Formatioun, déi normalerweis iwwer Voucher leeft, ze maachen. Dëst leeft wéi bei der Bedarfsmeldung iwwert de Leveso ([inscription.cgdis.lu/mobile](inscription.cgdis.lu/mobile)), mee muss net méi vun engem CUF validéiert ginn. De Leveso erstellt a verdeelt just Voucheren, vir Formatioune wou nach Platzen disponibel sinn. D'Bedarfsmeldungen bleiwen och weiderhi mam néie System bestoen, esou dass de CUF weiderhin ee Bedarf ufroe kann. D'Ausbildungsinteressen wou d'Memberen am Joer kee Voucher kritt hunn, ginn als Bedarfsmeldung fir dat Joer drop mat iwwerholl. Mam néie System ass de Voucher 30 Deeg gülteg. Wann no dëser Zeit nach keng Formatioun mat deem Voucher gebucht ginn ass, verfält dësen. Nom Verfall gi rëm Voucheren fir déi oppe Bedarfsmeldungen/Ausbildungsinteressen verdeelt. Mat dësem System gëtt garantéieren, dass Jiddereen d'Chance huet un enger Formatioun deel ze huelen. Sollt dir Froen hunn, kennt dir Iech un ären zoustännegen CUF wenden.

Déi éischt Voucheren iwwert den neie System sinn elo verdeelt ginn. Dir fannt dës Voucheren an den Oflafdatum an ärem Leveso (Aktuelle Lehrgänge):




Deen neie Voucher-System vum INFS baséiert op dem Prinzip «First come, first served». Dëst bedeit, wien als éischt eng Ausbildungsinteresse gemaach huet, gëtt och als éischt consideréiert vir ee Voucher ze kréien. Bei dësem Virgang ginn och d'Bedarfsmeldungen berücksichtegt. Mat dëser néier Responsabilitéit vir de Member, deen sech selwer an eng Formatioun aschreiwe kann, ass et wichteg dass de Member oppasst, dass d'Konditioune vir déi ausgewielte Formatioun och erfëllt sinn. De Service Gestion Administrative (SGA) vum INFS kuckt wärend der Aberuffungszäit nach eng Kéier, ob d'Memberen all d'Viraussetzungen erfëlle, fir un der Formatioun däerfen deelzehuelen. Wann dat net de Fall sollt sinn, ginn si per Mail kontaktéiert an deemno wéi och aus der Formatioun eraus geholl.